



Journées du livre et du droit d'auteur

22.-26. Abrëll 2024

FAIR mateneen ëmgoen

*Eng Proposition vum
Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend*

Ëm wat geet et?

Wa mir 2024 d'Olympiad an eise Nopeschland Frankräich kucken, da wënsche mir eis, datt dee gewënnt, zu deem mir halen. Mir hätten awer och gär Fair Play an hoffen, datt deen oder déi Ekip gewënnt, déi et am meeschte verdéngt huet. Et geet net drëm, ëmmer ze gewannen, mee an enger gerechter Kompetitioun géinteneen unzetrieden. Dat ass awer am Sport leider net ëmmer de Fall, grad wéi et an der Gesellschaft – am klenge Krees oder tëscht den Natiounen – net ëmmer fair zougeet.

Dobäi striewe mer all no engem gudden Mateneen. Fairness heescht Récksiicht openeen huelen an Ongerechtegkeete vermeiden, respektiv sech fir Gerechtegkeet asetzen.

E fairen a gerechten Ëmgang suert fir eng zefridde Gesellschaft, an där jidderee sech fräi entfale kann. Dofir brauche mir Reegelen, déi aus Rechter, awer och aus Flichte bestinn.

Dat gerecht Zesummeliewe fänkt am Klengen un. An der Famill oder der Schoul soll den aldeeglechen Ëmgang vu Respekt a Versteesdemech gepräagt sinn an net vu Récksiichtslosegkeet, Mobbing a Gewalt. Dat gëllt am direkten Ëmgang matenee grad esou wéi an de soziale Medien.

An eiser demokratescher Gesellschaft soll jidderee kënnen deelhuele, seng Meenung soen a sech abréngen. Dëst leeft wuelverstanen am géigesäitege Respekt of. Dat heescht zum Beispill och, datt scho Kanner gehéiert ginn zu Theemen, déi si betreffen (z.B. Klasserot, Schülerparlament). Wale sinn e wichtegt Mëttel, esou eng Participatioun ze erlaben. Fir si ginn et kloer Reegelen – déi awer och net ëmmer agehale ginn. De Respekt vu Kanner- a Mënscherechter ass en anere wichtege Pilier fir e gutt Mateneen.

Leider gesi mir am Alldag, sief et an eise Ëmfeld oder an de Medien, och Situatiounen, an deene Mënschen Ongerechtegkeeten ausgesat sinn, diskriminéiert ginn a sech net (ëmmer) selwer dogéint wiere kënnen. Glécklecherweis ginn et vill Leit – och scho Kanner - déi sech fir e gerechten Ëmgang mateneen asetzen. Si reagieren, wann si eng Ongerechtegkeet bemierken a probieren, se ze

behiewen. Anerer suergen op nationalem oder internationalem Niveau fir Fairness, andeems se sech an Organisatiounen zesummeschléissen oder sech op aner Manéiere fir e solidarescht Mateneen asetzen.

D'Theema Fairness ass also ganz present an eisem Liewen.

Wat ka gemaach ginn?

Op der Säit vum SCRIPT <http://www.script.lu> an am CEN 12/23 fannt Dir eng Bibliographie mat e puer aktuelle Kannerbicher zu verschidden Aspekter vu Fairness an Ongerechtegkeet. Et ass e klenge Choix; an de Schoulbibliothéike sti bestëmmt vill aner Bicher zu alle Facettë vum Theema.

Zum Motto vun 2024 bidde sech villerlee Aktivitéiten un, wéi z. B.:

- Bicher oder Geschichten zu verschidden Aspekter vum Theema liesen oder virlesen
- Mat de klenge Kanner Billerbicher zu engem (on)gerechten Émgang mateneen kucken
- Mat Kanner(sach)bicher fair an onfair Walen thematiséieren
- Fantasiegeschichte schreiwen an eng ideal fair Welt erfannen
- Dystopien iwwert en onfairt Matenee liesen a beschwätzen
- Kanner- oder Sachbicher zum Thema Demokratie notzen
- Sech iwwert Persounen, déi sech fir Fairness asetzen (fréier an haut), informéieren
- Fairness am Sport thematiséieren
- D'Kanner Aspekter vun enger (on)fairer Gesellschaft beschreiwe loossen
- Mat Kannerbicher verschidden Aspekter vun Diskriminatioun kenneléieren
- Sachbicher notzen an z.B. iwwer d'Kanner- oder Mënscherechter schwätzen
- Biller- a Kannerbicher iwwer Gerechtegkeet a Muechtmëssbrauch liesen a beschwätzen
- Mat Sachbicher d'Kanner fir Fake News sensibiliséieren: kucken, wéi se entstinn, wéi se verbreet ginn a wéi si en onfairt Matenee provozéieren

Et kann een zu dësen Aspekter:

- Geschichte liesen a virlesen, beschwätzen, veränneren, weiderspannen, aus enger anerer Perspektiv erzielen (Audiodatei, Textdokument oder Multimediadokument, Video, StopMotion...)
- Geschichten an neier Form erzielen (Poppentheater, Kamishibai, Sketch, ...)
- Eng Geschicht als Lesetheater ëmschreiwen an/oder opféieren (Video)
- Eng nei Geschicht erfannen, opschreiwen an illustréieren (*Textdokument oder Multimediadokument*)
- Eng Geschicht mat Figuren/Objeten noerzielen an déi an e Schongkarton maachen (Book in a box) <https://www.edumedia.lu/lesson/book-in-a-box/>
- En Trailer zu engem Buch maachen (Booktrailer) (eventuell fir en C4) <https://www.edumedia.lu/lesson/booktrailer-spannender-kann-lesen-nicht-sein/>
- Eege Geschichte molen, schreiwen oder Fantasiegeschichten erfannen

Wéi kann ee matmaachen?
Als Klass, Zyklus oder ganz Schoul.

D'Responsabel aus der Schoulbibliothék sinn d'Kontaktpersoune fir déi Aktioun.

Umeldung (iwwert de Schoulbibliothécaire): mam Onlineformulaire bis den 8. Mäerz 2024

<http://www.edulink.lu/uqg3>

Wat geschitt mat den Aktivitéiten, déi gelaf sinn?

A jiddwer Schoul sollen d'Aktivitéiten dokumentéiert an déi Dokumentatioun bis den 10. Mee 2024 erageschéckt ginn.

Flott wier et, eng kleng schrëftlech Beschreiwung vun den Aktivitéite mat e puer Fotoen an digitaler Form (Fotoen an 300 dpi-Printqualität) ze kréien. Denkt wgl. drun, d'Autorisatioun vun den Elteren ze froen, wa Kanner op de Fotoen ze erkenne sinn. Schéckt d'Dokumentatioun wgl. per Mail un: anne-marie.antony@men.lu / anne.biesdorf@men.lu.

D'Schoulen, déi matmaachen ginn am Courier de l'Éducation nationale 04/2024 ernimmt. An engem spéidere Courier de l'Éducation nationale gëtt zousätzlech nach e Réckbléck op d'Aktioun gemaach.

D'Ekipp vum SCRIPT wënscht Iech an Äre Schüleriinnen a Schüler vill Freed bei den Aktivitéiten a seet elo scho Merci fir d'Matmaachen.